

Lëtzebuerg, den 31. August 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Duerch den Tunnel Kautebaach kann den Zuch de Moment aus bekannte Grënn net méi duerchfueren. Dat suergt fir Opreegung am Éislek, well vill schaffend Leit, déi den Zuch huelen, fir domat moies fréi séier a bequem an de Landeszentrum oder soss éierens ze kommen, net méi op dësen zréckgräife kënnen.

Et gesäit dann och ganz sou aus, wéi wann de Broch am Tunnel Kautebaach net vun haut op muer aus der Welt geschaf ka ginn.

Aus deem Grond wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:


- *Ass ee Krisestaf ageriicht ginn fir sech dëser Problematik an all hiren Dimensiounen unzehuelen?*
- *Ass et virgesinn, fir verschidden Direktbusser nieft de klassesche Linnebusser anzesetzen, fir sou gutt wéi méiglech d'Leit a kierzester Zäit an d'Stad oder soss enzwousch ze bréngen?*
- *Ass geplangt eng Informatiounscampagne ze lancéieren fir déi betraffe Leit beschtméiglech z'informéieren bzw. si Biergerversammlunge virgesinn, fir an dëser spezifischer Situatioun de Besoinen a puncto Mobilitéit vun de Leit aus dem ieweschten Éislek, déi betraff sinn, Rechnung ze droen?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten